natur&ëmwelt
Sektioun Stad Lëtzebuerg
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer

[redacted]

Un d'Madame Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg
an hire Schefferot

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2023

Betrëfft : den „ avis au public „ réf. 9/2022/1370

Madame Buergermeeschter,
Dir Dammen an Häre Scheffen vun der Gemeng Lëtzebuerg,

Als Stater Sektioun vun der gréisster Emweltschutzorganisatioun am Land, adresséieren mir eis un Iech mat eisen Objektiounen zum Projet vun der geplangter Vëlosbréck. Obwuel d' Organisatioun vun natur&ëmwelt schon en „avis favorable" ginn huet, sou wëlle mir awer betounen, dass deen Avis sëch just op verschidden Détailer vun der Bréck bezunn huet, wéi d' Beliichtung an d' Thema Netz oder Glas wéinst dem Schutz fir d' Vullen. Beim Bau vun der Bréck geet et awer ëm vill méi wéi just di Aspekter vum Bau selwer. Aus Naturschutz- an aus Emweltschutzgrënn kënne mir dëse Projet dofir leider nët gudd heeschen, aus verschiddenen Ursaachen :

*De Bësch als Garant vu Liewensqualitéit a Biodiversitéit* :

- De Bësch tëscht Weimeschhaff an Cents, zu béide Säite vum Neiduerf, ass e Ganzt. Dëse Bësch mat sengen aale Beem a vielfälteger Vegetatioun, ass nët nëmmen fir vill Déieren e wichtege Liewensraum an engem urbanen Emfeld. Och d' Awunner vun deenen 3 Wunnquartieren profitéieren ganz vill vun deem Bësch. Vum Tawioun aus geet e Fousswee duerch de Bësch, parallel zum Neiduerf, bis hannen bei d' Autobunnsbréck. Wann lo eng Bréck gebaut gëtt, gëtt de Bësch zerschnidden, de Bëschwee wärt nët méi zougänglech sinn, an och d' Wëld kann nët méi vun deer enger Säit op di aner wiesselen . Hei am Bësch kann ee spazéieren goen, ouni mussen fir d' éischt an den Auto ze klammen. Dee Bësch bedeit Liewensqualitéit fir jidfereen, deen do wunnt, am Summer bei décker Hëtzt suergt en duerch d' Laf vun de Beem dofir, dass et hei ni ze waarm gëtt. Duerch de Bau vun der Bréck wärt sech dat änneren.

*Negativ Verännerungen am a vum Bësch duerch de Bau vun der Vëlosbréck* :

- Fir di Bréck si 6 Meter an der Breed virgesinn. Dat bedeit Schied ënnert der Bréck, Summer wéi Wanter. Mir wëssen jo vun anere Brécken an deer Gréisst, dass deen éiwege Schied de Mikroklima am Bësch wärt veränneren. Do wou elo aal a gesond Beem stinn, wuessen dann

nach just kleng kränklech Beem a Gestraicher, déi mat sou enger spezieller Situatioun mussen zurecht kommen. A béid Säite vun der Bréck verléieren di Beem, déi nët fir de Bau vun der Bréck gehaa goufen, u Standfestegkeet, bedéngt duerch d' Verännerung vum Waasserhaushalt an duerch di fräi Fläch, déi duerch d' Entwaldung entsteet. Dëst bréngt neess aner Problemer, wéi z. B. d' Erosioun vum Buedem, mat sech.

- Dee verännerte Bësch wärt sech soumatt och negativ op di Déiern auswierken, déi hei liewen. Am Bësch liewen vill Sangvullen, Amphibien, Insekten a Mamendéieren, a suguer grouss Gräifvullen wéi Bussard, Wanderfallek an Uhu notzen dëse Bësch. All di Déieren brauchen en intakte Liewensraum, deen si bis elo hunn. Wann dat grengt Band och schmuel ass, sou ass de Bësch dach matenaner verbonnen. Eleng duerch de geplangte Chantier, a spéider duerch de verännerte Liewensraum, wärten hei Arte rar ginn, déi sech bis elo nach hei wuel gefillt hunn. A suguer, wa spéiderhin do sollt e Bongert ugeplanzt ginn, wéi dat op de Pläng ze gesinn ass, sou bleiwt dat e ganz schwaachen Ersatz fir di Beem, déi lo do stin. Héichstammuebstbeem brauchen wéinstens 10 Joer, bis se eppes brengen, a kréien ni di Héicht wéi normal Lafbeem. Als Lärmschutz déngen se nët, an och als Sauerstoffproduzenten kommen se nët un normal Bëschbeem erun.

*Konsequenz vun der Betonsinfrastruktur* :
- Op de Pläng ass ze gesinn, dass fir de Bréckebau vill Beton néideg ass, dee selwer e groussen CO2-Produzent ass. Zu béid Säten vun der Bréck si grouss Betonsplattformen geplangt. Wa mir lo weiderhinn sou Summere kréien, wéi di lescht - de Klimawandel leegent jo an der Zwëschenzäit kee méi -, wärt dee ville Makadamm vill Hëtzt späicheren, wat sech neess negatif op eise Klima, op d' Beem ronderëm, a soumatt op eis Liewensqualitéit auswierkt. An di grouss Beem, déi vill Sauerstoff produzéieren, a wéi eng natiirlech Klimaanlag fungéieren, wärten da feelen, wëll se jo der Bréck gewach sinn.

*Verloscht vun der Liewensqualitéit fir d' Awunner* :
- Eng Bréck , déi wéi di geplangten Velosbréck, iwert Wunnquartieren ewech geet, bedeit e grousse Verloscht vu Liewensqualitéit fir d' Awunner ronderëm. Déi di no bei der Bréck wunnen, kréien da vill méi Schied, hir Heiser an hir Gärt sinn da keng Plaze méi, wou se sech doheem a gebuergen fillen, mee wou jidfereen zu jidfer Zäit kann erakucken an un hirem Liewen deelhunn. Als Emweltorganisatioun ass et eis wichteg, dass och de Mënsch nët vergiess gëtt, hien ass Deel vu senger Emwelt. Wéi steet dann d' Gemeng zu de Rechter vun den Awunner, vun Neiduerf, Cents a Weimeschhaff ? Wéi soll verhënnert ginn, dass op der Bréck Partie stattfannen, dass Saachen erofgeschoss ginn, dass Kaméidi ass, oder dass Motorrieder di Bréck notzen, och wann et verbueden ass ? Mir wëssen alleguer, dass dat nët méiglech ass, mir brauchen dofir nëmmen deen Dreck ze kucken, deen iwerall ze gesinn ass, wou vill Leit sech ophaalen. Laanscht d' Rives de Clausen läit d' Uelzecht voll, och hei ass nach keng Léisung font ginn. Sinn d' Awunner aus dëse Quartiere manner wärt wéi an aneren , wou sou eppes nët méiglech wier ? Schon eleng de Chantier an d' Bauzäit, mat vill Kaméidi a grousse Maschinen, bedeiten eng Belaaschtung fir d' Awunner.

*Problematik Liichtverschmotzung* :
- An zu Läscht muss eng Bréck fir Vëloen och beliicht ginn. Wann d' Luuchten och nët di ganzen Zäit usinn, da ginn se awer spéidstens dann un, wa Leit, zufouss oder mam Velo, se benotzen.

Och dat ass problematesch, d' Liichtverschmotzung ass eng vun den Ursaachen fir de Réckgang vun eiser Biodiversitéit. An d' Awunner ginn an der Nuecht konfrontéiert mat enger Beliichtung, déi ofwiesselnd un an aus geet.

Als Naturorganisatioun fanne mir de Velo eng gudd Saach, a mir gélfen et begréissen, wann den Autosverkéier géiff reduzéiert ginn. Mee dat duerf awer op kee Fall op Käschten vun de Mënschen an der Natur goen. Do mussen zesummen aner Léisunge font ginn. Och d' Leit an der Stad hu Recht op Natur virun hirer Diir, grad esou wéi di Déieren, déi hei hire Liewensraum hunn. An Zäiten vu Klimawandel gëtt de Ruff no enger gesonder Emwelt a grousser Biodiversitéit ëmmer méi wichteg.

Mir bieden Iech dofir, Madame Buergermeeschter, am Interessi vun Aeren Bierger an der Natur, op dës Bréck ze verzichten.

Mat Respekt,

de Comité vun der Stater Sektioun vun natur&ëmwelt